Ursaachen vun der Liichtverschmotzung

D'Liichtverschmotzung hëllt rapid zou. Duerfir gëtt et verschidden Ursaachen:

- D' Beliichtung gëtt ëmmer méi efficace. Modern Luuchten liwweren bei gläicher Stroumopnahm, däitlech méi Liicht wei eeler Luuchtentypen. De méi geréngen Stroumverbrauch gëtt dann awer oft net genotzt fir anzespueren, mee duerch méi oder onnéidech heller Luuchten rem ausgeglach.
- Durch déi staark Zounahm vun eiser Bevölkerung gëtt ëmmer méi Stroossenbeliichtung gebraucht.
- Nei Industrie- an Handelszonen gi mat Stroossebeliichtung ausgerüst.
- Emmer méi Stroossen ginn d'ganz Nuecht beliicht an der Hoffnung op méi Verkéiers-sëcherheet.
- Méi Beliichtung rondrëm Gebeier, Betriiber an Privathaiser soll méi Sëcherheet virun Kriminalitéit bréngen.
- Den Asatz vun ëmmer méi opfällegen Liichtreklammen fënnt eng staark Verbreedung.
- Schlecht ausgeriicht Beliichtungen vu Gebeier a Fassaden strahlen an all Richtungen, kënne blenden an hellen den Himmel onnéideg op.

Bei klorem Himmel organiséiert d'AAL all éischten Samsdeg am Mount eng öffentlech Beobachtung:

Treffpunkt: Dippech Gare / Zousatz-Info: www.aal.lu
Oktober-März: 20h00; Abrëll-September: 21/22h00

Ee fonkelnden Stärenhimmel …

Et gëtt e puer einfach Méiglechkeeten den Himmel net ze vill staark mat kënstlechem Liicht opzehellen, sou dat och nach äis Kanner an Enkelen ee flotte Stärenhimmel erliewen kënnen.

Dee wichtigsten Grondsaz muss sinn:

Net d' Liichtquell därf ze gesi sen, mee nëmmen deen ze beliichtenden Objet!

Konkret heescht dat:

- **Stroosseluuchten** sollen sou gutt ofgeschiirmt sen, dat si nëmmen op d'Strooss mam Trottoir, an de Veloswee liichten. Kee Liicht soll an den Himmel schéngen, a staark säitlich ofgestrahlt Liicht wirkt blendend: -
  > Neen zu den Kugelluuchten!

  D' Stroossebeliichtung soll net ouni Grond iwwer dem gefuerderten Minimum bedriwwen ginn. Zu verkéiersaarmen Zäiten kann si deelweis oder ganz ofgeschalt ginn. Et sollen effizient Luuchtentypen mat gudder Ofschiermung agesat ginn, déi och nuetsaktiv Insekten schounen.
- Et ass **net bewisen, dat ëmmer mei Öffentlech Beliichtung och ëmmer méi Sëcherheet** am Verkéier a virun der Kriminalitéit bedeit. Wichtig ass eng blendfräi a gläichméisseg Beliichtung.
- **Beliichtung vu Gebeier** a Reklammen soll méiglechst zréckhalent agesat ginn. Am beschten d'Luucht vun uewen no ënnen asetzen oder wéinstens d'Strahler sou justéieren, dat si net direkt an den Himmel liichten!

…spuert och Energie ! …verklengert den CO_2 Ausstouss !

- Och fir d'**Hausbeliichtungen** soll ee baussen nëmmen no uewen ofgeschiirmte Luuchten asetzen. Méiglechst Energiespuerluuchten asetzen a keng Halogenspots. Doniewt net di ganz Nuecht beliichten: eng duerch Bewegungs-melder ageschalten Luucht dierft een Abriecher éischter ofschrecken wei een Dauerliicht.
- **Fënsteren vu beliichten Raim** sollen nuets durch Rollueden, Klapplueden oder Jalousien verdäischtert ginn.
- **Liichtreklammen an Beliichtungen sollen net déi ganz Nuecht brennen.** Déi doduerch ze erwaardent nei Clientel dierft kaum den Energieopwand rechtfertigen! Wien beuecht di Krëscht-Beliichtungen ëm 2 Auer nuets?
- Op eng **Ustrahlung vu Beem** sollt zum Schutz vun nuetsaktiven Déieren (Falter, Insekten, Fliedermais, Eilen..) ganz verzicht ginn.
- D' **Beliichtung vu Sportfelder durch Flutliicht** sollt duerch ofgeschirmten asymmetrisch Scheinwerfer geschéien.
- **Skybeamer** stellen eng Geforequell fir den Stroossen- a Fluchverkéier duer.

Wann mir dës Punkten beuechten, léisst sech mat geréngem Opwand vill Energie, CO_2 -Emission, an och Geld spueren!

Zevill Liicht erdréckt de Stärenhimmel !

Kennt dir d' Mëllechstrooss ?
Weini hutt dir fir d' lescht een beandrockenden Stärenhimmel erliewt?

An der Vakanz oder am Planetarium?

Firwaat ass dat sou?

Mir sinn dobäi an engem ganz kuerzen Zäitraum, eng Naturschéinheet ze verléieren, déi d' Mënschen zënter Urzäiten faszinéiert huet: deen ongestéierten Bléck op den Stärenhimmel. Hien erdrénkt haut an engem Mier vun kënstlicher Beliichtung. Liichtreklammen, Stroosseluuchten a vill aner Beliichtungen hellen den Himmel sou staark op, datt souguer a klenge Stied nëmmen di hellsten Stären ze erkennen sinn. Et gëtt an eisem Land keng Plaze méi, wou een dem opgehellten Himmel an de Liichtglacken entgoe kann, fir een ongestéierte Bléck op de Stärenhimmel ze genéissen.

Déi wuel rar, mee fantastisch Himmelsschauspiller vun Koméiten sinn haut käum nach ze gesinn.

Heiansdo kéint een souguer bei eis Polarliichter beobachten, mee och si sinn aus den Liichtglacken vun eise Stied net mei ze erkennen.

An Amerika ass duerfir de Begréff "light pollution" erfonnt ginn - iwersat:

LIICHTverschmotzung

Mee d' Natur, d' Liewen an och de Mënsch brauch d' Däischtert an d' Nuecht!

Iwwrigens:
Dës Noutwendigkeet gouf schon a verschiddene Länner erkannt. Slowenien, Tcheschien, Deeler vun Italien, Spuenien an den USA.... hunn Gesetzer géint d' Liichtverschmotzung agesat.

Nuetshimmel bei staarker Liichtverschmotzung

Nuetshimmel mat Mëllechstrooss bei wéineg Liichtverschmotzung

Fotoen: Jürgen Linder

Beispiller vu gudder an schlechter Beliichtung:



Erausginn vun:
Astronomes Amateurs du Luxembourg
Musée national d'histoire naturelle

Weider Informatiounen :
Marc Mathay (AAL)
dark-sky@aal.lu
Tel: 691 998831

Text an Layout an Zesummenarbecht mat:
Dr. Andreas Hänel, DARK SKY; Initiative gegen Lichtverschmutzung www.lichtverschmutzung.de
Grafiken: Stadt Stuttgart, Amt für Umweltschutz

Eise Stärenhimmel beschützen!

DARK SKY:
eng Initiativ géint Liichtverschmotzung

Fir datt eis Kanner nach den Stärenhimmel richtig erliewen, musse mir lo handelen !

DEN UNIVERSUM
OCH DU KANNS EN ENTDECKEN
INTERNATIONALT
ASTRONOMIEJOER
2009

Lëtzebuerg, Nuets 2002
Falschfaarwenfoto
vun engem Satellit erof:

www.astronomy2009.lu



Et gëtt keng wierklech däischter Géigend méi an eisem Land, wou een de Stärenhimmel nach ongestéiert bewonnere kann. Zënter 2002 huet et sich leider nach verschlechtert !